

Rapport RefCom 07.01.2020:

Present: Frieseisen, Geib, Keiffer F., Weinzierl, Frieden, Nesser

Entschëllegt : Pascalicchio, Weber, Courtois, Simonelli

1. RefCom 26.11.2019 :

De Rapport ass ugeholl. Zum Punkt 7 (saarlänneschen Arbitter den fir FLH päift) ass et onkloer zu wéi engem Kontingent (Club) seng Matcher zielen. Hei freet RefCom den Avis vum CA

2. Rapport Wanterseminar Saarbrécken :

Den 4. Januar 2020 war de Wanterseminar fir RPS Arbitter zu Saarbrécken. 7 Arbitter an 3 Deleugué vun der FLH ware present. Déi aner 5 FLH-RPS Arbitter waren entschëllegt. Niewent Videoanalysen an divers Informatiounen war och nach e Meeting mat de Responsabelen (Einteiler an Beobachtungschef) vun der RPS.

E grouse Merci vun der RefCom un d'Organisateuren fir de gudden Empfang a Gaaschtfreundlechkeet.

3. Rapport CA vum 28.11.2019 – Bréif HB Mersch 75 :

Den CA huet RefCom aviséiert, dem HB Mersch 75 op hire Bréif ze äntweren. De Patrick Simonelli preparéiert eng Äntwert.

4. Perspektiv Kader Arbitter :

5 Koppelen sinn zréckbehale gi fir an de Perspektivkader. Sie sollen 1x de Mount vun engem AXA-Arbitter an 1x de Mount vun engem Deleugué begleet ginn. Heizou wollt RefCom nach eng Kéier bestätegen, dass den Arbitter-Tuteur all d'Rechter vum Deleugué huet. Déi verschidde Koppelen sinn informéiert. AXA Arbitter fir de Coaching hunn sech och schonns gemellt.

De Plang ass déi verschidde Koppelen vum Perspektivkader schonn am Playoff AXA (Playoff oder Relegatioun) anzesetzen.

Déi 5 Koppelen müssen dowéinst och Tester den 08. Februar bestoen.

5. Tester – Playoff :

Tester fir de Playoff sinn den 08. Februar 2020 um INS

09h30 Shuttlerun

10h00 Reegeltest

11h00 Opléisung Reegeltest

Des Tester sinn obligatoresch fir AXA-League Arbitter souwéi de Perspektivkader fir dierfen AXA-League (D/H) oder Relegatioun (H) ze pfeifen.
Déi Arbitter déi a Fro kommen sinn informéiert ginn.

6. Arbitter FLH-Final 4 :

All Arbitter den eng Hallef- respektiv eng Final bei den Senior 1 ze pfeife kritt, soll sech Freides owes den 28. Februar Zäit huele fir e Cours mam Kay Holm (Schiedsrichterlehrwart aus der Bundesliga)

7. Interreg :

Refcom well Clibb informéieren, dass Matcher vum Interreg vun JA gepaff ginn. Een Tuteur soll si dobäi coachen.

8. Austausch WHV :

Den 08. an 09. Februar kënn eng Koppel aus Éisträich 3 Matcher op Lëtzebuerg pfeifen. Folgend Matcher goufe festgeluecht :

29602074	Sun	09.02.20	17:00	D-AXA-L	HC Standard	CHEV Diekirch
29102074	Sat	08.02.20	20:15	H-AXA-L	HC Berchem	CHEV Diekirch
29152272	Sun	09.02.20	14:00	H-PN-B	HC Berchem 2	HB Dudelange 3

9. Arbitterstand Coque :

Aus zäitleche Grënn (Vakanz) war et net méiglech een Arbitterstand fir Qualifikatioun ze organiséieren. Den Patrick Simonelli an de Francis Keiffer kucken dat fir den FLH-Final 4 nozehuelen.

10. Arbitteruniformen :

Fir d'Arbitter vum 2020 Cours auszekleeden (bis dass nei Uniforme kommen), ginn d'Arbitter gefrot hier al Uniformen (Logo Abby Toussaint) oofzeginn. Zu dësem Zweck sollen si sech mam Georges Frieden a Verbindung setzen.

Nächst RefCom den 11.02.2020 um 18h15 zu Stroossen.